



Lëtzebuurger Club Roude Léiw

## Hierschtrencontre

De Lëtzebuurger Club Roude Léiw freet sech lech op Basel ze invitéieren den

**24. September 2023**



### Programm

- 11.00h Visite guidée 45' am Musée Jean Tinguely
- Apéritif direkt beim Rhäin
- Spadséierwee laanscht de Rhäin
- Mëttegiessen am Restaurant «Brauerei»

## Treffpunkt 1

- **09.45h** an der SBB Gare vu Basel, virum ale Billjeeschalter, wou lech eng kleng kulturell Iwwerraschung erwaard.
- Et geet weider mam Tram, dann zu Fouss laanscht de Rhäin bei de Musée.
- Denkt w.e.g. drun Äre Billjee zesumme mat dem lokalen Netz ze léisen.

## Treffpunkt 2

- **10.45h** bei der Entrée vum Musée Tinguely, Paul Sacher Anlage 1, 4058 Basel

## Detailer zum Programm

- Fir d'éischt besiche mir den Musée Tinguely wou mir während enger Dräiviertelstonn ee groussen Deel vum Jean Tinguely senge Wierker kenne bewonneren.  
Dee bekannte Schwäizer Moler a Sculpteur göllt als ee vun den Haaptvertrieder vun der kinetesche Konscht. Hie gouf virun allem mat senge beweeglechen, maschinenähnleche Skulpture bekannt.  
D'Faszinatioun vum Kënschtler senge Konschtwierker ass wuel kengem vun lech unbekannt, an iewer erfuert Dir vläicht nach eppes Neits?
- Duerno kréie mir ee wuelverdängten Apéritif direkt beim Rhäin.
- Gutt gestärkt gi mir dann ee kuerze Wee laanscht de Rhäin an de Restaurant «Brauerei» wou mir eist Mëttegiessen zesumme genéissen.
- Wien Loscht huet, kann duerno e schéine Spadséierwee duerch Basel maachen.

Präis fir Memberen	CHF 75.-
Präis fir Gäscht	CHF 100.-
Präis fir Kanner	CHF 30.-

**Fir de vegetareschen oder de Kanner Menu** mellt lech w.e.g. beim Ginette Rüdy: [ginette.ruedy@svema.ch](mailto:ginette.ruedy@svema.ch) oder 044 850 40 37

Mat Ärer Iwwerweisung bis den **16.9.2023** sidd Dir definitiv ugemellt.

D' Bestëmmunge vum Restaurant erlaben eis leider net, bei kuerzfristeger Ofso no 48 Stonne virum Event, eppes zrëckzebezuelen. Merci fir Äert Verständnes.

De Comité freet sech drop, deen Dag mat lech zesummen ze genéissen.

👍 Basel ass ëmmer eng Rees derwäert! 👍